D'Geschäfts- & d'Handwierksleit aus der Gemeng

Munneref

wënsche schéi Chrëschtdeeg an e gudde Rutsch an d'Joer 2022

Munneref

Interview mam Buergermeeschter a mam Schäfferot vun der Gemeng Munneref

Steve Reckel

D'Joer 2021 war e weidert Joer dat staark gepräägt war vun der Pandemie, eist d'Zesummeliewen huet dorënner gelidden, mee et goufen awer och positiv Momenter an eise Gemengen. Wéi huet d'Gemeng Munneref den Alldag an der Pandemie gemeeschtert, wéi eng Aarbechte konnte weidergefouert ginn, wéi eng Rendez-vouse goufe fir d'Awunner organiséiert a wéi eng positiv Momenter goufen et trotz der Pandemie an Ärer Gemeng?

Mir hu probéiert erëm en normalt Liewen op Munneref ze kréien an hu versicht eng Rei Rendez-vousen fir d'Leit ze organiséieren, wéi zum Beispill den Tour de Luxembourg, de Schleck Gran Fondo, eis traditionell Braderie an eist Mustang Treffen virun der Munnerefer Gemeng, bei deem wärend 2 Deeg 350 Mustang Autoen ausgestallt goufen an 3.500 Leit kucke komm sinn.

Bei de verschidden Eventer hunn d'Clibb alleguer matgeholl ef ze organiséieren, dat ënnert all de sanitären Oplagen an et waren och vill Leit op di verschidde Rendez-Vouser komm, well se einfach frou waren, dass erëm eppes lass war.

Wat eis Bauprojete betrëfft, huet covidbedéngt alles e bessi geschleeft, mee mir konnten di Zäit awer notze fir eng Rei administrativ Aarbechten ze erleedegen. Wat de Vëlodrom betrëfft, waarde mir op de Projet de loi vun der Regierung, dass dëse Projet endlech ka weider goen.

Nodeems de Buergermeeschterdag 2020 ausgefall war, konnt en 2021 als Online-Versioun stattfannen. D'Reunioun gouf vu Munneref live ausgestraalt an d'Buergermeeschter an d'Schäffen aus dem ganze Land konnten online d'Presentatioune suivéieren an hir Froe stellen.

De Buergermeeschterdag ass schon eng laang Traditioun, déi all Joer zu Munneref stattfënnt, an deemols vun der fréierer Buergermëeschtesch Maggy Nagel an d'Liewe geruff ginn ass.

Iwwregens hat ech dem Maggy Nagel d'Bändche mat op Dubai ginn, fir do kënnen de Pavillon anzeweien. E klengen Deel vu Munneref war also bäi der Ouverture zu Dubai mat dobäi.

Wat wäert lech vum Joer 2021 besonnesch an Erënnerung bleiwen?

Eng besonnesch Erënnerung un d'Joer 2021, déi duerch d'Pandemie gezeechent war, war sécher de Concert vun

Selah Sue, dee mir zesumme mam Ministère de la Santé organiséiert haten. Dëse Concert war de Startschoss fir d'Summersaison hei zu Munneref, mee virun allem war et deen éischte Concert hei zu Lëtzebuerg, deen ënnert de sanitäre Virschréften organiséiert ginn ass. Et konnten 1.300 Leit lauschtere kommen.

Wéi eng grouss Veränneruнge stinn am nächste Joer un? Op wéi eng flott Evenementer oder Projete kënne sech d'Bierger an Ärer Gemeng 2022 freeën?

E grousse Rendez-Vous am Joer 2022 wäert d'Gebuertsdagsfeier vun 175 Joer Thermalismus sinn. Mir sinn amgaangen zesummen mam Domaine Thermal de Programm auszeschaffen op deen sech jidderee ka freeën.

Ech hoffen awer och, dass mer 2022 endlech mam Vëlodrom ufänke kënnen. Fir eis als Gemeng ass et immens wichteg, dass endlech di regional Schwëmm gebaut gëtt, dass och d'Kanner zu Munneref eng Schwëmm hunn, di hire Besoine gerecht gëtt.

Wat wënscht Dir lech fir 2022?

Ech wënschen eise Biergerinnen a Bierger alles Guddes fir 2022 an hoffen, dass am neie Joer endlech alles net méi esou komplizéiert ass.

Steckbréif
Gemeng Munneref

DIERFER Altwis, Elleng, Munneref

AWUNNER 5.404

NATIONALITÉITEN 76

BUERGERMEESCHTER Steve Reckel

SCHÄFFEN Steve Schleck, Claude Schommer

GEMENGERÉIT Tessy Altmann, Gérard Bichler, Candida Esteves, Gilles Gengler, Jean-Luc Kuhlmann, Nicole Lafleur-Rennel, Charlotte Strasser-Beining, Sonja Zbinden

Marché de Noël

26/11 - 28/11
03/12 - 05/12
10/12 - 12/12

Vendredis : 15h00 - 21h00
Samedis : 12h00 - 21h00
Dimanches : 12h00 - 20h00

- 29 chalets (restauration et décoration)
- Concerts pour tous les goûts
- Illuminations festives

Mondorf-les-Bains

Place des Villes Jumelées

www.visitmondorf.lu

visit mondorf

Mondorf-les-Bains
#visitmondorf

Gemeng Munneref

Pour plus d'informations :
Tél. : +352 23 66 75 75
Email : info@visitmondorf.lu

Steve Schleck

De Klimawandel ass di gréissten Erausfuerderung fir eis Gesellschaft haut an di nächst Joren. Wéi eng Moossnamen huet Är Gemeng schonn ënnerholl fir si méi klimafrëndlech ze maachen?

Däi lëschte Joren huet d'Gemeng Munneref eng ganz Rëtsch Saachen ëmgesat fir eng klimafrëndlech Gemeng ze sinn. Mat eisem Energy Dag, dee mat de Partnergemengen organiséiert gëtt, wou de Bierger ob déi verschidde Klimapunkte sensibiliséiert gëtt respektiv iwwert déi spezifesch Seminairen Erklärunge kritt. Mat klenge Moossnamen, wéi Waasserspuerrëng, Sandauer (déi Zäit ugëtt wéi laang een dusche soll), Austausche vun LED-Luuchten, goufen d'Bierger motivéiert Waasser an Energie ze spueren.

Duerch d'Erstellen vun onsem Solarkadaster am Joer 2013 huet d'Gemeng Munneref schonns déi Zäit de Solarpotenzial erkannt. De Bierger gouf schonns deemols motivéiert an eng Propper Energie ze investéieren. Mat enger zukünfteger Energiekooperativ geet d'Gemeng e weidere Schrëtt a Richtung Klimaneutralitéit.

Op Gemengesäit probéiere mer de beschtméiglechen Energiestandard am Neibau an am Albau ëmzesetzen respektiv gëtt onse Fuerpark Joer fir Joer duerch elektresch Gefierer ersat.

Rétromobile
CONSTRUCTEUR
MADE IN LUXEMBOURG depuis 1990

Restauration et réparation véhicules de collection mécanique, carrosserie, entretien adaption de véhicules pour handicapés

17, Triangle Vert
L-5691 Ellange
Tél. +352 35 71 89
Fax +352 35 05 47
retro@pt.lu
Retromobile SA

KAMPFSPORT KARATÉ-DO
AB 7 JAHREN!
621 256 703
CENTRE SPORTIF ROLL DELLES MONDORF-LES-BAINS
WWW.MMAA.LU

Claude Schommer

D'Schoulkanner hunn och e schwieregt Joer hannert sech, och si hu vill ënnert der Pandemie gelidden, mee si hunn dat Bescht aus der Situatioun gemaach. Wéi eng flott Momenter goufen et dëst Joer an der Schoul an Ärer Gemeng?

Och wann vun de Kanner gesot gëtt, dass sie sech séier enger Situatioun upasse kënnen, sou gouf an de leschte Méint awer vill vun eise Jéngste gefuerdert. Vun haut op muer hu si missen eens ginn hir Schoulkomeroden an hiren Enseignant net méi ze gesinn a si hu misse léieren, wéi ee mat Teams eens gëtt. Fir dës Zäit vun Isolatioun méi angeneem ze gestalten, a fir de Kanner aus der Gemeng eng Freed ze maachen, hu mir decidéiert e Molconcours ze lancéieren. Mir hunn eis Schüler aus der Gemeng gefrot fir e Bild ze molen oder en Text ze schreiwen zum Thema: „D'Maus Ketti hëlleft! Mol oder erziel wéi d'Maus Ketti de Coronavirus bekämpft kritt." Et si ganz vill schéi Biller a Geschichten erakomm, a bis haut konnt een dës flott Kreatiounen an der Entrée vun eiser Gemeng bewonneren, wou se op engem grousse Panneau duergestallt sinn. De Panneau gëtt elo an d'Schoul gehaangen.

Houfreg ware mir awer och ze gesinn, wéi kreativ eis Museksschoul geschafft huet. Nieft den Instrumente-Coursen, déi och online stattfonnt hunn, huet déi Regional Munnerefer Museksschoul vill flott a lëschteg Videoe publizéiert, bei där der musikalescher an der humoristescher Fantasie keng Grenze gesat waren.

Mir soen dem Léierpersonal, de Museksenseignanten an awer besonnesch och all de Kanner Merci, dass si dës Zäit mat esou vill Courage a Kreativitéit iwwerstanen hunn.

Dat Joer 2022 soll dat Europäescht Joer vun der Jugend ginn (aktuell Propos vun der Europäescher Kommissioun), wat gëtt et bei Iech an der Gemeng als extra Offer fir d'Jugend? Wéi ee Projet an dem Kader wëllt Dir besonnesch ernimmen?

Duerch eis villfälteg Offer u Veräiner, sief et am Sport oder am kulturelle Beräich, hat eis Jugend scho laang d'Méiglechkeet ënnerhalb vun der Gemeng engem Hobby nozegoen. Mat der Kreatioun vum Service de la Jeunesse huet Munneref de Volet vun der Jugend professionaliséiert a bitt haut senger Jugend eng wichteg Ulafstell. Eis Jugendstuff zum Beispill ass ganz aktiv a plangt Woch fir Woch Aktivitéiten, déi de Jugendleche sollen entgéintkommen. Egal ob sportlech oder kulinaresch, eis zwee Educateuren aus der Jugendstuff loosse sech ëmmer eng afalen. Wourop mir allerdéngs besonnesch houfreg sinn, ass den Erasmus Projet. Zesumme mat Jonker aus eise Partnerstied Mayrhofen (AT), Chur (CH), Cabourg (FR), Bad-Homburg (DE) an Terracina (IT) ass e grousst Treffe vun enger Woch bei eis zu Munneref geplangt. Dëse Projet, dee vun der EU mat finanzéiert gëtt, soll den Zesummenhalt tëscht eise Partnergemengen, a besonnesch tëscht de Jonke stäerken. Leider huet och dës Aktivitéit missen duerch déi aktuell Covidmesuren verréckelt ginn, ma mir hoffen, dass mir se an noer Zukunft organiséiere kënnen.

RICKES&PETRICH s.à r.l.
43, Z.A.E. TRIANGLE VERT | L-5691 ELLANGE
TEL.: +352 75 99 10 | WWW.RICKES-PETRICH.LU |

IDEEN AUS EDELSTAHL
Edelstahlarbeiten
Metallbau
Geländerbau

MADE IN LUXEMBOURG
DVS ZERT
ZERTIFIKAT Konformität der werkseigenen Produktionskontrolle EN 1090 2451-CPR-EN1090-2015.0457.002

Mir wënschen Iech schéi Feierdeeg!

Fliesen & Verputz
FUNK
Ihr Neubau- & Sanierungsexperte
Der perfekte Partner für Ihr Haus
40, Z.A. Triangle Vert | L-5691 ELLANGE
Tel.: 270 757 14 | www.funk.lu | info@funk.lu

- FLIESEN & KOMPLETTBÄDER
- FLIEßESTRICH
- PARKETT, LAMINAT & VINYL
- INNEN- U. AUßENPUTZ
- VOLLWÄRMESCHUTZ
- TROCKENBAU
- DACHAUSBAU
- MALER- U. TAPEZIERARBEITEN
- SPANNDECKEN
- TÜREN

Réckbléck

D'Highlights vum Joer 2021 an der Gemeng Munneref

MUNNEREF

Coupe scolaire

MUNNEREF

Braderie

MUNNEREF

Buergermeeschterdag

MUNNEREF

Taste local

INTERCHAUFFAGE
Heizung - Sanitär - Lüftung - Solar
Chauffage - Sanitaire - Ventilation - Solaire

T +352 27 687 687 • F +352 27 68 76 88
info@interchauffage.lu • interchauffage.lu

INTERFUEL
Heizöl · Diesel · Baustellenbetankung
mazout · gasoil · livraison sur chantier

Tél. (+352) 27 07 67 • Fax. (+352) 27 07 67-50
info@INTERFUEL.lu · www.INTERFUEL.lu

6, rte de Luxembourg · L-5634 MONDORF-LES-BAINS

MUNNEREF

Stolpersteng Verleeung

COMPUTERHELLEF DOHEEM S.AR.L.

2-4, Rue du Moulin L-5638 Mondorf-les-Bains
Tel: 52 38 60 info@chdh.lu www.chdh.lu

- Depannage Doheem
- Depannage an Firmen
- Berodung a Support
- Atelier
- Formatioun

Mir wënsche schéi Chrëschtdeeg an e gudde Rutsch an d'neit Joer!

SERGE BONENBERGER
Menuiserie & Pompes Funèbres

DEPUIS 1927

Z.A. Triangle Vert · Ellange
Tél. 26 66 11-1 - www.bonenberger.lu

MADE IN LUXEMBOURG

Schéi Chrëschtdeeg an e glécklecht neit Joer

ELIA PEINTURE ET CONSTRUCTION sàrl

47, Z.A.E Triangle Vert
L-5691 ELLANGE
Tél.: 23 69 71 85
Fax: 26 66 06 11
info@elia.lu · www.elia.lu

PARKETT LAMINAT VINYL - Fachmännische Renovierung von Altparkett & Holztreppen - Terrassenbeläge in Holz und WPC

MB PARKETT
SCHNELL
ZUVERLÄSSIG
KOMPETENT

26, Avenue Marie-Adelaide | L-5635 Mondorf-les-Bains
www.mbparkett.com | mb.parkett2018@gmail.com
Tel. 266 709 73 | Mobil 621 965 400 | Ansprechpartner O. Böhm

Mir wënschen schéi Feierdeg!

DF Bad. Heizung. Leben.

Wir sind für Sie erreichbar
von Montag - Freitag
8.00 - 17.00 Uhr

GRETHEN JOS S.à r.l. Inh. Doerfel

40, ZAE Triangle Vert | L-5691 Ellange | Telefon: 23 66 70 59
Fax: 23 67 60 35 | info@grethen-jos.lu | www.grethen-jos.lu